N° 54 | ABRËLL 2020

# Fëschber Gemengeblat



# Impressum


**Fëschber Gemengeblat**
Editioun Abrëll 2020

**Redaktiounsteam**
Sven BETTENDORF
Marianne BROSIUS
Marie-Louise HAAS
Dany HERMES
Marc KOLBER
Roland MINY
Delphine NOTARNICOLA
Lis WEBER
Frank WEYRICH

**Kollaboratioun**
Angsber Schoul
Eltereverenegung
Schäfferot Gemeng Fëschbech
Chantal CONRAD
Daniel HOTTUA
Claude MALGET
Olivier MOLITOR
Guy SCHANK
Viviane THILL

**Layout**
Delphine NOTARNICOLA

**Cover**
Frank WEYRICH

**Editeur**
Gemeng Fëschbech
1, rue de l'église
L-7430 Fischbach
www.acfischbach.lu

**Drock**
Imprimerie de l'Est
2, rue Pierre Richardot (Z.I.)
L-6468 Echternach
www.imprimeriedelest.lu


*Wann Dir Loscht hutt fir beim Blat heiansdo een Artikel oofzeliwweren kënnt Dir Iech bei eis mellen* ***gemengeblat@acfischbach.lu***

*Redaktiounsschluss fir d'Fëschber Gemengeblat 55/2020 ass den 09/08/2020*

***Mir soe jidderengem Merci, deen un dëser Nummer an iergendwellecher Form matgeschafft huet.***


**GEMENG**

| | |
|---|---|
| Gemengerotssëtzungen | 4 |
| Avis au public | 5 |
| Matdeelungen | |
| COVID-19 «Je me fais des soucis» | 6 |
| COVID-19 «Ech maache mir Suergen» | 8 |
| COVID-19 Mesuren an der Gemeng Fëschbech | 10 |
| Service pour les habitants / Service fir Bierger | 11 |
| Woch vum Natur- an Geopark | 12 |
| Schadstoffverpackungen | 13 |
| Détecteur de fumée / Dampmelder | 14 |
| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng | |
| Soirée amicale Gemeng | 16 |
| UGDA Diplomiwerreechung | 18 |
| Mäin Numm ass Christophe GILLES | 19 |
| 20 Jahre Club Uelzechtdall | 20 |
| 98 Uebstbeem zu Eieren vum Grand-Duc Jean | 22 |

**ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG**

| | |
|---|---|
| Aktivitéiten an der Schoul | 24 |
| Schoul doheem | 26 |

**WAT WAR LASS?**

| | |
|---|---|
| Den Alldag besteet jo schliisslech net nëmmen aus dem schoulesche Léieren! | 30 |
| Wenn die Orgel mit dem Jagdhorn … | 34 |
| Concert an der Angsber Kierch | 36 |
| D'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous feiert den Dirigent John Daems fir seng 40 Joer um Dirigentepult | 37 |
| 21 kleng Botschafter vum Fridden an der Gemeng Fëschbech ënnerwee | 38 |
| Generalversammlung Pompjeeën | 40 |
| Theaterowender | 41 |
| Mir gi liichten | 42 |
| Kannerfuesbal | 44 |
| Mir ginn heeschen | 45 |
| Hexebal | 46 |
| Buergbrennen | 48 |
| Liesmoien | 50 |
| Klibberen...eemol aanescht | 52 |

**TRADITIOUN / REPORTAGE / GESCHICHT**

| | |
|---|---|
| „Bim bam Bieren, d'Klacke lauden zu…" | 54 |
| Mäin Numm ass Résilience | 56 |
| Kanoun aus dem 2. Weltkrich | 58 |

**AGENDA**

| | |
|---|---|
| Aktivitéitskalenner 2020 | 60 |

**REZEPT**

| | |
|---|---|
| Rezept vun der Bom | 62 |


# Virwuert



Léif Matbiergerinnen a Matbierger
aus der Fëschber Gemeng,

ech hoffen Dir sidd gesond an et geet Iech all den Ëmstänn entspriechend gutt !? Zu Ufank vun dësem Virwuert wëll ech un all déi Leit denken déi vum Corona-Virus getraff sinn oder waren, jo vläicht souguer e léiwe Mënsch aus hirer Mëtt oder aus der Famill verluer hunn. Hinnen alleguer wënscht de Schäffen- a Gemengerot déi néideg Kraaft an dëser schwiereger Zäit.

D'Ouschterfest an d'Ouschtervakanz hu mir hannert eis gelooss an dat ënnert ongewinnte Konditiounen. Eist Land, an net nëmmen eist, ass an enger Kris an huet mat der Pandemie duerch de COVID-19 ze kämpfen. Wann een eis virun e puer Méint de Szenario virausgesot hätt, an deem mir elo sinn, hätte mir et warscheinlech net gegleeft, jo, mir hätte vläicht souguer e bëssen driwwer gelaacht. Elo si mir matzen dran an et ass mat Sécherheet net méi fir driwwer ze laachen, nee et ass batteren Eescht. Munchmol kënnt engem déi aktuell Situatioun vir wéi e schlechten Dram oder e schlechte Film. All Dag nei Infizéierter, all Dag nei Doudeger. Wann dëse Film eriwwer ass, wat nach kann daueren, wäert eis Welt sech a ville Punkte verännert hunn. Wéi eng Envergure dës Verännerunge wäerten unhuelen ass nach net ofzegesinn. Wichteg ass awer dass d'Hëllefsbereetschaft, d'Kollegialitéit an dat Matenee weiderhi bestoe bleift sou wéi et aktuell an eiser Gemeng, an eiser Noperschaft de Fall ass.

Eis Regierung huet d'Staatskris ausgeruff a probéiert eis mat alle Mëttelen ze schützen. Verschidde Mesuren si sécher net populär, net einfach ze verstoen oder ginn och vun Eenzelen nach ëmmer net Eescht geholl. Ech wëll all deene Merci soen déi sech un d'Instruktioune vun eiser Regierung halen an dozou bäidroen, dass mir esou heel wéi méiglech aus dëser sanitärer Kris erëm rauskommen.

Opgrond vum COVID-19 huet eis Gemeng, grad wéi all d'Gemengen aus dem Land, e "plan de continuité d'activité communale» missten opstellen. D'Mesuren déi an dësem Plang geholl goufen déngen dozou eis essentiell Servicer weider funktionéieren ze loossen an esou d'Protektioun vun der Populatioun a gläichzäiteg och de Schutz vun eisem Gemengepersonal ze garantéieren. De Resumé vun dëse Mesuren an den Detail wéi eis Administratioun, grad wéi den Ooffallservice an dëser Zäit funktionéiert fannt Dir an dësem Buet.

Niewent dem Fonctionnement vun eiser Gemeng, hu mir awer och un eis vulnerabel Matbierger geduecht déi an eng vun de Risikogruppe vun dëser Crise sanitaire/Pandémie falen. Fir si gouf ganz séier een Akafservice op d'Been gesat wou si hir Kommissioune fir Liewensmëttel a Medikamenter Heem geliwwert kréien. D'Organisatioun vun de Bestellunge gëtt vun eise Gemengebeamte gemaach, d'Akeef an d'Ausliwwerungen iwwerhuelen e puer fräiwëlleg Matbierger an hëllefsbereet Membere vun eisem Club des Jeunes. Hinnen alleguer elo schonn e grousse Merci fir hiren Asaz, dee Service funktionéiert aktuell formidabel! D'Modalitéiten an d'Konditioune fir vun dësem Service kënnen ze profitéiere fann Dir och méi wäit an dësem Buet.

Eng ganz Rei geplangten Fester an Aktivitéiten hu wéinst dem COVID-19 och an der Gemeng Fëschbech missten ofgesot ginn. Dorënner fällt leider och d' JOYEUSE ENTRÉE zu Éieren vun eiser Ierfgroussherzoglecher Koppel, déi fir den 20. Juni geplangt war an déi mir schwéieren Häerzens, an Ofsprooch mam Prënz Guillaume, annuléiert hunn. Dës Feierlechkeet wäert awer, esou wéi vill anerer och, zu engem spéideren Zäitpunkt nogeholl ginn.

Sou wéi jiddereen, kuckt och déi Ierfgroussherzoglech Koppel besuergt op déi aktuell Situatioun a beweist hir Verbonnenheet mat Fëschbech doduerch dass de Prënz perséinlech nogefrot huet wéi d'Gemeng Fëschbech dës komplizéiert Zäit meeschtert a wéi eng Mesure geholl goufen fir seng Awunner ze ënnerstëtzen an ze schützen.

E puer Merci'en wëll ech am Numm vum Schäffen- a Gemengerot nach lassginn. Un éischter Front sti jo am Moment d'Dokteren, d'Infirmièren, d'Fleege- a Spidolspersonal awer och d'Secouristen, d'Pompjeeën an d'Force de l'ordre. Ouni si wäre mir an dëser Zäit schlecht drun. Jidderee vun eis gesäit haut wéi wichteg d'Investissement an de Gesondheetsberäich ass.

Net ze vergiesse sinn donieft déi Leit déi all Dag duerfir suergen, dass déi essentiell Servicer ronderëm d'Liewensmëttel- an Energieversuergung, grad wéi d'Liewensmëttelproduktioun op eise Bauerebetriber bestoe bleiwen.

Och eisem Schoul- a Betreiungspersonal, alle Kanner awer och hiren Elteren e grousse Merci, dass si aus dem Homeschooling léieren an op Distanz hiert Bescht maachen a weider duerhalen.

Mäi leschten Appell geet un Iech all. Respektéiert w.e.g. weiderhin d'Consignë vun eiser Regierung, haalt Iech un d'Regelen, bleift disziplinéiert a bleift doheem. Kuckt no Ären Noperen an eisen eeleren a kranke Matbierger wann néideg. Frot mol einfach no wéi et hinne geet. Gidd och mol Owes em 20h op Är Hausdier oder maacht d'Fënster op a bedeelegt Iech um Applaudéier-Concert deen all Owes fir 2 Minutten och bei Iech am Duerf stattfënnt. Och dat ass Solidaritéit.

E klenge Merci fir all déi Leit déi weiderhi fir eist Liewen an eis Gesondheet am Asaz sinn.Et ass eng schwéier Zäit fir eis all a mir meeschteren se just all zesummen.

Am Numm vum Schäffen- a Gemengerot wënschen ech eis all sou séier wéi méiglech erëm an der Normalitéit unzekommen awer vrun allem eng gutt Gesondheet a bon Courage.

Genéisst d'Fréijoer an d'Natur vu hirer schéinster Säit, dat lenkt of an hieft d'Moral!

Mat beschte Gréiss,

*Fränk DAEMS*
*Buergermeeschter*

# Compte rendu

## Séance publique du conseil communal du 31 janvier 2020

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre; GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins; BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, OLINGER Kevin, SCHILTZ Laurent, TRAUSCH Claude – conseillers;

Le conseil communal arrête le budget rectifié de l'exercice 2019.

De Gemengerot hält de korrigéierte Budget 2019 fest.

| Budget rectifié 2019 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 5.271.000,26 € | 1.765.850,00 € |
| Total des dépenses | 3.599.866,00 € | 4.060.715,58 € |
| Boni propre de l'exercice | 1.671.134,26 € | |
| Mali propre de l'exercice | | 2.294.865,58 € |
| Boni du compte 2018 | 1.346.188,55 € | |
| Mali du compte 2018 | | |
| Boni général | 3.017.322,81 € | |
| Mali général | | 2.294.865,58 € |
| TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 2.294.865,58 € | + 2.294.865,5 € |
| Boni présumé à fin 2019 | 722.457,23 € | |
| Mali présumé à fin 2019 | | |

Le budget 2020 est arrêté avec 7 voix contre les voix des conseillers Brosius Paul et Olinger Kevin.

De Budget 2020 gëtt mat 7 Stëmmen géint d'Stëmmen vun den Réit Brosius Paul an Olinger Kevin ugeholl.

| Budget rectifié 2019 | Service ordinaire | Service extraordinaire |
|---|---|---|
| Total des recettes | 5.365.003,75 € | 3.809.062,00 € |
| Total des dépenses | 3.706.547,99 € | 5.490.009,20 € |
| Boni propre de l'exercice | 1.658.455,76 € | |
| Mali propre de l'exercice | | 1.680.947,20 € |
| Boni présumé fin 2019 | 722.457,23 € | |
| Mali présumé fin 2019 | | |
| Boni général | 2.380.912,99 € | |
| Mali général | | 1.680.947,20 € |
| TRANSFERT de l'ordinaire à l'extraordinaire | - 1.680.947,20 € | + 1.680.947,20 € |
| Boni présumé à fin 2020 | 699.965,79 € | |
| Mali présumé à fin 2020 | | |





## Séance publique du conseil communal du 13 février 2020

Présents: DAEMS Fränk – bourgmestre; GROTZ Patrick, BROSIUS Lucien – échevins; BETTENDORF Sven, BROSIUS Paul, MOURA Daniel, SCHILTZ Laurent - conseillers;

Absents excusés: OLINGER Kevin, TRAUSCH Claude – conseillers;

A moins qu'il est indiqué autrement, les différentes décisions ont été prises à l'unanimité.

1. Le conseil communal approuve des titres de recettes portant sur un montant de 1.189.458,12 €.
2. Le conseil communal approuve l'acte notarié ayant pour objet l'échange sans paiement d'une soulte de deux parcelles ayant une contenance de 1, respectivement 3 centiares appartement à la commune contre deux places voirie ayant une contenance de 6 respectivement, 1 centiares appartenant aux époux Chimenti-Amimi.
3. Le conseil communal approuve le devis présenté par l'Administration des services techniques de l'agriculture relatif aux travaux de remise en état de la voirie rurale au lieu-dit «Tinnes/Ellefeld», au montant de 118.250 € ttc.

Ausser et ass anescht uginn, goufen d'Entscheedunge vum Gemengerot eestëmmeg geholl!

1. De Gemengerot geneemegt Einnamen iwwert 1.189.458,12 €.
2. De Gemengerot geneemegt den notariellen Akt fir den Austausch, ouni finanziellen Ausgläich, vun zwou Parzellen vun jeeweils engem, respektiv dräi Centiar vun der Gemeng géint zwou Parzellen Stroosseraum vun jeeweils sechs respektiv, engem Centiar déi der Koppel Chimenti-Amimi gehéieren.
3. De Gemengerot geneemegt den Devis iwwert 118.250 € TTC vun der Verwaltung vun den techneschen Déngschter fir d'Landwirtschaft betreffend Aarbechten fir de Feldwee op der Plaz „Tinnes / Ellefeld" a Stand ze setzen.

# Avis au public

### RÈGLEMENTS COMMUNAUX NOUVEAUX OU MODIFIÉS:

Par délibération du 28 novembre 2019 le conseil communal a décidé d'abroger le règlement-taxe du 16 février 2006 relatif à la vente de poubelles avec effet au 1er janvier 2020. Ladite décision a été approuvée par le Ministre de l'Intérieur en date du 4 février 2020 et publiée à la maison communale du 14 au 21 février 2020.

Par délibération du 17 mars 2020 le collège des bourgmestre et échevins a arrêté un règlement d'urgence concernant la fermeture des aires de jeux publiques. Ladite décision a été publiée à la maison communale du 17 au 23 mars 2020.

Par délibération du 20 mars 2020 le collège des bourgmestre et échevins a arrêté un règlement d'urgence concernant la fermeture au public des infrastructures culturelles de la commune de Fischbach(Veräinshaus, Al Molkerei, Keilchen) dans la commune de Fischbach. Ladite décision a été publiée à la maison communale du 23 au 26 mars 2020.

Par délibération du 31 mars 2020 le collège des bourgmestre et échevins a arrêté un règlement d'urgence concernant l'accès aux cimetières et participation aux inhumations dans la commune de Fischbach. Ladite décision a été publiée à la maison communale du 31 mars au 3 avril 2020.

**Les textes des différents règlements sont à disposition du public à la maison communale, où il peut en être prise connaissance pendant les heures d'ouverture des bureaux.**
***www.acfischbach.lu***



# COVID-19

## Je me fais des soucis concernant la situation actuelle!

Les mesures restrictives décrétées pour lutter contre la pandémie actuelle, et notamment la limitation des contacts sociaux risque de devenir particulièrement inquiétante pour les gens sensibles. La peur et l'anxiété peuvent parfois être envahissantes, surtout en cas d'isolation sociale.

Afin de vous aider à maîtriser vos peurs éventuelles, nous avons rassemblé quelques recommandations :

**1.** Suivez les consignes du Ministère de la Santé afin d'éviter de vous infecter ou de contaminer quelqu'un d'autre: https://msan.gouvernement.lu/dam-assets/covid-19/arbresdecisionnels/de/AD-DE.pdf




**2.** Choisissez des sources fiables pour obtenir des informations sur le virus COVID-19 et son évolution :
http://covid19.lu
https://msan.gouvernement.lu/fr/dossiers/2020/corona-virus.html
http://www.euro.who.int/fr/home



**3.** Limitez le temps durant lequel vous vous informez sur le virus à 1 ou 2 fois par jours, méfiez-vous des informations diffusées sur les réseaux sociaux.



**4.** Vous vivez seul ou vous êtes sous quarantaine? Veillez à vivre vos journées de manière structurée, p.ex. levez-vous aux heures habituelles, élaborez un programme pour la journée, restez actif.



**5.** Gardez une hygiène de vie saine: buvez beaucoup d'eau, veillez à une alimentation équilibrée, veillez à une bonne aération de votre logement, sortez dans votre jardin si vous en disposez, dans la mesure du possible faites des exercices de gymnastique, du yoga ou du pilâtes. Vous trouverez une offre considérable d'applications pour smartphone ou de films sur YouTube. Une multitude de programmes sont proposés via Internet.







**6.** Focalisez-vous sur « l'ici et le maintenant », ne ruminez pas sur des incertitudes. Concentrez-vous sur les choses que vous êtes en train de faire. Respirez consciemment et savourez vos repas. Il existe beaucoup d'applications pour smartphone qui peuvent vous aider (7 min, meditopia, calm, ten percent happier, …)



**7.** Ménagez vos contacts sociaux en utilisant votre téléphone, les réseaux sociaux et des applications comme WhatsApp, Skype, Face time, Messenger, Teams, etc. Restez en contact avec les personnes qui vous sont chères.



**8.** Gardez sang-froid lorsque vous avez les symptômes typiques. Contactez votre médecin traitant par téléphone. La prise en charge mise au point par le gouvernement est excellente et la grande majorité des personnes atteintes guérissent.



**9.** Si la peur vous envahit, utilisez des techniques de respiration et de relaxation pour vous détendre et pour gagner à nouveau le dessus sur vos émotions. Utilisez des applications comme RespiRelax ou CardioZen. N'hésitez pas à vous adresser au **support psychologique multilingue** du gouvernement, **accessible sept jours sur sept, de 7 à 23 heures au numéro 8002-8080.**



**10.** Et en dernier lieu un appel aux habitants de la commune de Fischbach : Montez votre moral en témoignant votre solidarité et occupez-vous de vos concitoyens isolés sans vous mettre en péril. Utilisez le téléphone et les moyens de communication électroniques et rassurez-vous que vos voisins vont bien et qu'ils ne se sentent pas tout seuls!



**Autres numéros utiles :**

| | | | |
|---|---|---|---|
| SOS Détresse : | 45 45 45 | Femmes en détresse : | 123 44 |
| Kanner- a Jugendtelefon : | 11 61 11 | Elterentelefon : | 26 64 05 55 |
| Office social Larochette : | 26 87 00 23 | Croix-Rouge Riicht eraus : | 27 55 58 00 |

**Nous vous remercions de votre attention**

**et nous espérons que vous restez en bonne santé!**

**Le collège des bourgmestre et échevins de la commune de Fischbach**

GEMENG



# COVID-19
# Ech maache mir Suergen wéinst der aktueller Situatioun!

Déi restriktiv Mesure déi am Kader vun der Regierung geholl gi si fir géint d'Pandemie vum Virus COVID-19 ze kämpfen, a besonnesch d'Aschränke vun de soziale Kontakter, riskéieren extra beonrouegend ze ginn, zemolos fir sensibel Leit.

Angscht a Panik kënne penetrant ginn an Iwwerhand huelen, virun allem am Fall vun enger sozialer Isolatioun. Fir Iech ze hëllefen eventuel Ängscht an de Gréff ze kréien, hu mir hei e puer Recommandatiounen zesumme gestallt :

**1.** Befollegt d'Instruktioune vum Gesondheetsministère fir eng Infektioun oder d'Ustieche vun enger anerer Persoun ze verhënneren:
https://msan.gouvernement.lu/dam-assets/covid-19/arbresdecisionnels/de/AD-DE.pdf




**2.** Wielt zouverlässeg Quelle fir Iech iwwert de Virus COVID-19 a seng Evolutioun ze informéieren:
http://covid19.lu
https://msan.gouvernement.lu/fr/dossiers/2020/corona-virus.html
http://www.euro.who.int/fr/home



**3.** Limitéiert d'Zäit wärend der Dir Iech iwwert de Virus informéiert op 1 bis 2 Mol den Dag, evitéiert Iech op de soziale Medien ze informéieren.



**4.** Dir lieft eleng oder sidd ënnert Quarantän? Probéiert Ären Dagesoflaf ze strukturéieren, z.B. stitt all Dag em déi selwescht Zäit op, preparéiert Iech e Programm fir den Dag, bleift aktiv.



**5.** Passt op eng gesond Liewensweis op: drénkt vill Waasser, probéiert Iech equilibréiert z'iessen, léft Är Wunneng gutt, gitt an Äre Gaart wann Dir en hutt, probéiert Sport, Fitness, Yoga oder Pilates ze maachen.
Op Youtube fannt Dir eng grouss Offer vu Filmen zu dem Thema, fir de Smartphone ginn eng Rei vun Applikatiounen an um Internet gëtt Iech eng Panoplie vu Fitnessprogrammen ugebueden.







**6.** Konzentréiert Iech op de Moment, tiermt net iwwert dat wat kéint sinn. Konzentréiert Iech op dat wat Dir grad am Gaang sidd ze maachen, otemt bewosst, genéisst Är Moolzechten.
Och ze dem Thema ginn et vill Applikatioune fir de Smartphone déi Iech kënnen hëllefen (7 min, meditopia, calm, ten percent happier, …).



**7.** Fleegt Är sozial Kontakter sief et iwwer Telefon, sozial Medien oder iwwert Applikatiounen wéi WhatsApp, Skype, Face time, Messenger, Teams, asw. Bleift a Kontakt mat deene Leit déi Iech wichteg sinn.



**8.** Behaalt kale Kapp wann Dir déi typesch Symptomer opweist. Kontaktéiert Ären Hausdokter iwwert Telefon. D'Prise en Charge déi vun der Regierung ausgeschafft ginn ass, ass excellent.
Déi ganz grouss Majoritéit vun den infizéierte Persoune ginn erëm gesond!



**9.** Wann d'Angscht Iwwerhand hëlt an zur Panik gëtt, probéiert Otem– a Relaxatiounstechniken unzewende fir Iech ze entspanen an erëm d'Gewalt iwwert Är Emotiounen ze kréien. Gebraucht Applikatiounen wéi RespiRelax ou CardioZen.
Zéckt net fir Iech un **d'Hotline vun der Regierung um Numero 8002-8080** ze wenden, **wou Dir 7 Deeg op 7 vu 7:00 bis 23:00 Auer eng méisproocheg psychologesch Ënnerstëtzung** kënnt kréien.



**10.** Zu gudder Läscht en Appell un all d'Awunner aus der Gemeng Fëschbech: dot Iech an Aneren eppes Guddes andeems Dir Solidaritéit weist, këmmert Iech em isoléiert Matbierger(innen) ouni Iech selwer a Gefor ze bréngen. Gebraucht Ären Telefon an aner elektronesch Kommunikatiounsmëttel. Vergewëssert Iech, dass et Ären Nopere gutt geet a weist hinnen, dass si net ganz eleng sinn!



**Aner nëtzlech Telefonsnummeren:**

| | | | |
|---|---|---|---|
| SOS Détresse : | 45 45 45 | Femmes en détresse : | 123 44 |
| Kanner- a Jugendtelefon : | 11 61 11 | Elterentelefon : | 26 64 05 55 |
| Office social Larochette : | 26 87 00 23 | Croix-Rouge Riicht eraus : | 27 55 58 00 |

**Mir soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet a mir hoffen, dass Dir bei gudder Gesondheet bleift!**

**De Schäfferot vun der Gemeng Fëschbech**

GEMENG

# COVID-19: Mesuren an der Gemeng Fëschbech

1. Hausaufgabe – Boxen bei der Angsber Schoul.
2. Fermeture vun der Schoul an allen Betreiungsstrukturen wéi Maison Relais a Crèche.
3. Fermeture vun der SIDEC Grëngschnëtt- a Kompostanlaag.
4. Fermeture vun allen öffentleche Gebäier (Kierch, Veräinshaus, Keilchen, Molkerei).
5. Fermeture vun allen öffentleche Spillplaazen.
6, 9 & 10: Akaf – Service vu Liewensmëttel a Medikamenter fir eis vulnérabel Matbierger.
7. Fermeture vun der Gemeng (Rdz-vous nëmmen an dringende Fäll).
8. Gemengerotssëtzung am Veräinshaus de 16. Abrëll 2020.





























# *Service pour les habitants identifiés comme vulnérables*

***En collaboration avec le Club des Jeunes et d'autres bénévoles de la commune, le collège des bourgmestre et échevins a pris l'initiative d'instaurer un service de courses pour les habitants âgés de plus de 65 ans.***

*De cette manière vous pouvez être approvisionnés avec les denrées alimentaires et autres marchandises les plus importantes sans devoir sortir.*

***Qui peut profiter de ce service ?***

- *personnes agées de plus que 65 ans,*
- *personnes qui souffrent d'une des maladies suivantes:*
  - *diabète*
  - *maladies cardio-vasculaires*
  - *maladies chroniques des voies respiratoires*
  - *cancer*
  - *faiblesse immunutaire due à une maladie ou à une thérapie*

***Comment fonctionne ce service?***
*Vous pouvez passer votre commande du lundi au vendredi entre 9h00 et 11h00 au numéro 327084-30. Les achats seront effectués les mardis et vendredi et vous êtes livrés à domicile.* ***Aucun paiement n'est à faire sur place****, la commune établira une facture qui vous sera envoyée.*

***Vous avez besoin de médicaments importants ?***
*Vous pouvez les commander également de la même façon, nous récupérons l'ordonnance chez vous et les médicaments vous sont livrés à domicile.*

*Tout autre détail sera discuté et réglé par téléphone lors de votre commande.*

*Le collège des bourgmestre et échevins*

# Service fir Bierger déi als „besonnesch ufälleg" agestuuft sinn

**An Zesummenaarbecht mam Club des Jeunes an aneren Fräiwëllegen aus der Gemeng huet de Schäfferot décidéiert, deene Biergerinnen a Bierger, déi als „besonnesch ufälleg" agestuuft sinn, en Akaf-Service unzebidden.**

Op déi Manéier kënnt Dir mat deene wichtegste Liewensmëttel an Alldagswueren versuergt ginn ouni dass Dir musst virun d'Dier goen.

**Ween däerf op den Service zréckgräifen?**

- Leit déi iwwert 65 Joer al sinn,
- Leit déi ënnert enger vu folgenden Krankheeten leiden:
  - Diabetes
  - Kardiovaskulären Erkrankungen
  - Chronischen Erkrankungen vun den Otemwege
  - Krebs
  - Krankheets- oder therapiebedingten Immunschwächt

**Wéi funktionéiert de Service?**
Är Bestellung kënnt Dir vu méindes bis freides tëschent 9 an 11 Auer um Telefon 327084-30 opginn. Akafe gi mir dënschdes a freides a mir bréngen Iech alles heem. ***Bei der Liwwerung brauch näischt bezuelt ze ginn,*** d'Gemeng schéckt Iech eng Rechnung fir d'Wueren ze bezuelen.

**Dir braucht wichteg Medikamenter?**
Och déi kënnt Dir iwwert dëse Wee bestellen, mir kommen d'Ordonnance bei Iech sichen a bréngen Iech Är Medikamenter heem.

All weider Detail gëtt um Telefon bei Ärer Commande geklärt.

*de Schäfferot*







GEMENG

# Woch vum Natur- an Geopark

**Am Kader vun der europäescher Geopark-Woch luet och de Natur- & Geopark Mëllerdall (kuerz NGPM) Grouss a Kleng dozou an, vun der Geleeënheet ze profitéieren de Lëtzebuerger Natur- & Geopark z'entdecken. Fir d'Aarbechtsberäicher vum NGPM engem breede Public ze presentéieren, an am Hibléck op eng erneit Kandidatur fir Member ze ginn vum internationalen UNESCO Global Geopark Netzwierk, ass een ofwiesslungsräiche Programm zesummegestallt ginn.**

Lass geet et Méindes, de 25. Mee um 19 Auer mat engem offiziellen Optakt, op dee jiddereen häerzlech ageluedden ass. Z'entdecke gëtt et eng beandrockend Fotosausstellung, spannend Informatiounen iwwer d'Regioun vu verschiddenen Experten an eng weider Iwwerraschung, déi mir elo nach net verroden. Désen interessanten Owend op der Fielser Buerg ass gratis. Ëm Umeldung am Virfeld gëtt awer aus organisatoresche Grënn gebieden.

Vun Dënschdes bis Freides kréien d'Schoulklassen d'Méiglechkeet de Natur- & Geopark Mëllerdall a Form vu verschiddene prakteschen Atelieren z'erliewen.

Freides, den 29. Mee gëtt et eng spannend Quiz Night zu Bäerdref am Centre Culturel „A Schmadds". Hei gi selbstverständlech net just Froen zum Natur- & Geopark Mëllerdall gestallt, mee och d'Wëssen iwwer d'Regioun ënner d'Lupp geholl. Fir un dësem besonneschen Owend kënnen deelzehuelen, muss een sech am Virfeld, an Ekippen vu 5 Persounen, umellen. D'Participatioun ass gratis a mat bësse Chance hält d'Ekipp dann nach ee flotten, regionale Präis mat Heem.

Ofgeschloss gëtt d'Woch vum Natur- & Geopark Mëllerdall Samschdes, den 30. Mee mat enger Porte Ouverte am Gaart an am Haus vum NGPM zu Beefort. Hei waarden eng Partie flott Atelieren op Grouss a Kleng. Dëst ënnert anerem zu Themen ewéi Zero Waste an Upcycling, mee och aus deene verschiddenen Aarbechtsberäicher vum NGPM. Entdeckt bei dëser Geleeënheet eis Raimlechkeeten a léiert d'Ekipp kennen, déi sech mat Häerz fir eng nohalteg Entwécklung vun der Regioun asetzt. Donieft suerge regional Spezialitéite fir ee gelongene Mëtteg.

De Natur- & Geopark Mëllerdall seet am Virfeld schonn all senge Partner an deene lokale Veräiner een décke MERCI fir hiren Engagement am Kader vun der Woch vum Natur- & Geopark. Zesumme freeë mir eis op Äre Besuch.

*Am Kader vun den Mesuren géint de Virus COVID-19 sinn d'Leit gebieden, sech um Internetsite www.naturpark-mellerdall.lu/events ze informéieren op déi Manifestatioun wéi geplangt stattfënd.*

Naturpark Mëllerdall Geopark

**25.05. Offiziellen Optakt**
mat Virträg iwwer d'Regioun
19:00-21:00
Fiels – Buerg

**29.05. Quiz Night mat attraktive Präisser**
Teams vu 5 Persounen
Umeldung ab elo
19:00-23:30
Bäertref - Centre Culturel „A Schmadds"

**30.05. Porte Ouverte**
14:00-18:00
Beefort - Gaart an Haus vum Natur- & Geopark Mëllerdall




Méi Infos op & www.naturpark-mellerdall.lu

**NATUR- & GEOPARK MËLLERDALL**
8, rue de l'Auberge • L-6315 Beaufort • Tel.: +352 / 26 87 82 91-1 • E-mail: info@naturpark-mellerdall.lu
**www.naturpark-mellerdall.lu** naturparkmellerdall naturpark.lu Naturparke Luxemburg

*De Natur- & Geopark Mëllerdall strieft eng Memberschaft am internationalen Netzwierk vun den UNESCO Global Geoparks un.*



SDK RESSOURCEN INNOVATIOUN NOHALTEGKEET CIRCULAR ECONOMY
SuperDrecksKëscht®



## Schadstoffverpackungen
Sicher entsorgen - Alternativen nutzen !

## Emballages de produits nocifs
Éliminer en toute sécurité - utiliser des alternatives !

In Haushalt und Garten, beim Reinigen, beim Pflegen und Renovieren fallen auch Chemikalien an, wie z.B. Spezialreiniger, Farben, Lasuren, Schutzanstriche, lösungsmittelhaltige Kleber, aber auch Öle, Fette und Kraftstoffe sowie Pflanzenbehandlungs- und Schädlingsbekämpfungsmittel etc.

Produkte, die Gefahrstoffe enthalten, sind leicht an den Gefahrstoffsymbolen zu erkennen. Diese sind auf der Spitze stehende Rauten mit rotem Rand, wie z.B.:
- das Ausrufezeichen für allgemeine Gesundheitsgefahr
- die Flamme für leicht entzündliche Stoffe
- der tote Fisch und Baum für Umweltgefahr
- die Körpersilhouette für ernste Gesundheitsgefahr

Dans le ménage et le jardin, au nettoyage, au toilettage et la rénovation des produits chimiques sont utilisés tels que nettoyants spéciaux, peintures, vernis, revêtements protecteurs, adhésifs à base de solvants, mais aussi huiles, graisses et carburants ainsi que des agents de lutte contre les mauvaises herbes et les ravageurs, etc.

Les produits contenant des substances dangereuses sont facilement reconnaissables par les symboles des substances dangereuses. Ce sont des pictogrammes rouges, tels que:
- le point d'exclamation pour risque sanitaire général
- la flamme pour les substances hautement inflammables
- le poisson et l'arbre mort pour les risques environnementaux
- la silhouette du corps pour un risque grave pour la santé

Schadstoffe können in die Verpackung diffundieren. Bringen sie daher nicht nur Behälter mit Anhaftungen, sondern auch restentleere Behälter zur **SuperDrecksKëscht®** mobil oder zum Recyclinghof.

Les contaminants peuvent se diffuser dans l'emballage. Par conséquent, apportez non seulement les récipients avec restes, mais aussi les emballages vides à la **SuperDrecksKëscht®** mobile ou le centre de recyclage.

## Hinweise - Conseils

Informieren Sie sich über die Bedeutung der Gefahrensymbole !
Informez-vous sur la signification des symboles de danger!

Auch bei entleerten Schadstoffverpackungen: Achten Sie auf die Etikettierung und lagern Sie sie ausserhalb der Reichweite von Kindern.
Même avec un emballage contaminé vidé: Faites attention à l'étiquetage et rangez-le hors de portée des enfants.

Benutzen Sie möglichst schadstoffarme oder –freie Produkte! Achten Sie auf das Label ‚Clever akafen' und bei anderen Produkten auf Umweltzeichen, wie den ‚blauen Engel'.
Utilisez de préférence des produits moins polluants ou sans polluants ! Faites attention au label «Clever akafen» et aux autres produits éco-labelisés tels que l' «ange bleu».

### Circular-Economy
Auch aus Schadstoffverpackungen können Sekundärrohstoffe zurück gewonnen werden. Dies geschieht in modernen Anlagen, die für die Verarbeitung von Schadstoffverpackungen geeignete Sicherheitstechnik haben.
Des emballages contaminés peuvent également être produits des matières premières secondaires. Cela se produit dans les usines modernes, qui disposent d'une technologie de sécurité appropriée pour le traitement des emballages contaminés.


### Energie - Énergie
Ein weiterer Teil wird energetisch verwertet, also unter Gewinnung von Energie verbrannt. Oder es wird ein Ersatzbrennstoff hergestellt.
Une autre partie est utilisée énergétiquement, alors l'incinération avec la production d'énergie. Ou un carburant de substitution est produit.

## Ressourcenpotential Schadstoffverpackungen
(Säuren, Laugen, Photochemie)

## Potentiel de ressources
Emballages de produits nocifs
(acides, bases, photochemie)

Nehlsen saubere Leistung

Rohstoff / matière primaire
Energie / énergie
Beseitigung / élimination




Wichtigste Outputströme
Les flux plus importants

Mahlgut HD-PE
Broyat HD-PE
Ersatzbrennstoff
Combustible de substitution



# LE DÉTECTEUR DE FUMÉE

## est obligatoire

## depuis le 1er janvier 2020

La loi relative à l'installation obligatoire de détecteurs autonomes de fumée pour les immeubles comprenant au moins un logement a été votée par le parlement en date du 19 novembre 2019 et est entrée en vigueur le 1er janvier 2020.

Depuis cette date l'installation de détecteurs autonomes de fumée est obligatoire pour les nouvelles habitations, ceci au niveau des chemins d'évacuation et chambres à coucher. D'ici trois ans l'obligation s'étendra à l'intégralité des habitations du pays.

### QUELQUES POINTS IMPORTANTS À RELEVER

| | |
|---|---|
| Pourquoi l'installer ? | • En cas de fumée, il déclenche rapidement une alerte sonore et vous fait gagner du temps pour évacuer et appeler les pompiers au 112, surtout la nuit. |
| Quels bâtiments ? | • La loi s'applique à tous les immeubles comprenant au moins un logement |
| Quand ? | • Elle s'applique depuis le 1er janvier 2020 aux nouvelles constructions<br>• Elle s'appliquera d'ici trois ans à toutes les habitations du pays |
| Qui ? | • L'installation incombe au propriétaire ou au syndicat des copropriétaires<br>• L'entretien incombe à l'occupant du logement ou au syndicat de copropriétaires |
| Quel(s) détecteur(s) ? | • Le détecteur doit être certifié conforme à la norme harmonisée et être muni d'un marquage CE |
| Où ? | • Au niveau des chemins d'évacuation<br>• Dans chaque chambre à coucher |

Plus d'informations - www.rauchmelder.lu • Des questions ? - rauchmelder@cgdis.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS







# Den 1. Januar 2020 ass den

# DAMPMELDER

## obligatoresch ginn

De 19. November 2019 ass dat neit Gesetz zu der Dampmelderpflicht an der Chamber gestëmmt ginn. Dëst Gesetz ass den 1. Januar 2020 a Kraaft getrueden a bezitt sech op di obligatoresch Installatioun vun Dampmelder a Gebaier déi op mannst eng Wunneng enthalen.

Ab dem 1. Januar ass esou mat d'Ubrénge vun Dampmelder an Neibauten obligatoresch. D'Dampmelder mussen dann um Niveau vun Ausgäng an a Schlofkummeren ubruecht ginn. An 3 Joer wäert d'Dampmelderpflicht vir all Haushalt am Land gëllen.

### E PUER WICHTEG PUNKTEN

| | |
|---|---|
| Firwaat sollt Dir esou een hunn ? | • Am Fall, wou sech Damp entwéckelt, geet direkt den Alarm lass an Dir kënnt lech esou séier wéi méiglech a Sécherheet bréngen an d'Pompjeeën um 112 ruffen, grad an der Nuecht. |
| Wéi eng Gebaier ? | • D'Gesetz bezitt sech op all Gebaier di op mannst eng Wunneng enthalen. |
| Wéini ? | • Säit dem 1. Januar 2020 gëllt d'Gesetz vir all Neibauten<br>• An 3 Joer gëllt d'Gesetz vir all d'Haushält am Land |
| Wien ? | • D'Installatioun fält dem Proprietär oder dem Syndikat vun de Co-Proprietären zou<br>• Den Entretien fält dem Bewunner vum Logement oder dem Syndikat vun den Co-Proprietären zou |
| Wéi eng Dampmelder ? | • Den Dampmelder muss konform zu de Norme sinn an e muss mat dem CE Symbol gekennzeechent sinn |
| Wou ? | • Um Niveau vun Ausgäng<br>• An de Schlofkummeren |

Weider Informatiounen - www.rauchmelder.lu • Aner Froen ? - rauchmelder@cgdis.lu

LE GOUVERNEMENT DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Intérieur

CORPS GRAND-DUCAL INCENDIE & SECOURS

# Soirée amicale Gemeng

**31.01.2020 SCHOUS**

**Esou wéi all Joer huet d'Gemeng Fëschbech och 2020 mat engem „Merci", a Form vun enger klenger Feier, a gemittlechem Kader, am Veräinshaus „Op der Héicht" ugefaangen. Dëse klenge Merci geet un alleguer d'Leit déi Dag aus Dag an zum gudde Fonctionnement vun eiser Gemeng a senge Strukturen am Joer 2019 bäigedroen hunn.**

No der Usprooch an der Begréissung vun allen Éieregäscht an Invitéen duerch de Buergermeeschter gouf de Laurent Degraux, Viraarbechter vum Service Regie, fir seng 20 Joer gutt an trei Déngschter mat engem ugepasste Cadeau geéiert.

Bei dëser Geleeënheet kruten och déi zwee pensionéiert Colonele Léandre Mignon a Fernand Brosius vum Schlass Fëschbech e klenge Merci fir déi laangjäreg a gutt Zesummenaarbecht iwwerreecht.

*Fränk DAEMS*































# UGDA Diplomiwwerreechung

**Den 1. Mäerz 2020 war déi traditionell Diplomiwwerreechung vun der UGDA (Union Grand-Duc Adolphe) Museksschoul, déi dëst Joer zu Kielen iwwert d'Bühn goung. D'Diplomer vum Museksschouljoer 2018/2019 goufen vun de Buergermeeschteren oder de Vertrieder aus de respektive Gemengen iwwerreecht. 778 Schüler aus 55 Gemengen an aus 3 Syndikater hunn d'Musekscoursen am läschte Schouljoer iwwert d'UGDA absolvéiert.**

Ënnert de Laureaten waren och dëst Joer erëm e puer fläisseg Museker aus der Gemeng Fëschbech. Et waren dëst d'Florence Conrad vun Angelsbierg, d'Sofia Graciani Rubio an d'Anne Vaessen, allebéid vu Fëschbech.

Iech allen dräi, Felicitatioune fir äre „Diplôme de la première mention" a maacht weider fläisseg Musek!

*Fränk DAEMS*




*d'Sofia Graciani Rubio ass leider net op der Foto*





# „Mäin Numm ass Christophe GILLES"

**Säit ugangs dëses Joer huet eise Service technique Verstärkung kritt. De Christophe Gilles ass ausgebiltene Schlässermeeschter. En huet an der Tëschenzäit schon zéng Joer Erfarung, déi en och bei enger Geméng kritt huet.**



Ir e bei eis komm ass, huet en zu Ettelbréck op der Geméng geschafft a war do haaptsächlech am Service des eaux am Asaz. Firwat en elo bei eis an der Geméng ass, huet eng Uursaach, déi zimlech aliicht. *„Viru 5 Joer sinn ech den Dag vu mengem 27. Gebuertsdag op Schous geplënnert. Well ech Hënn hunn, sinn ech dunn all Dag och an der Mëttespaus hinn an hir gefuer. Dofir war ech frou wéi elo hei eng Plaz fir e Schlässer opgaang ass."* verzielt de Christophe.

E krut di Plaz dann och a freet sech elo fir nëmmen e puer Minuten zu Fouss vun doheem bis op d'Schaff ze hunn. Wat de gréissten Ënnerscheed zu senger viregter Plaz war, wollte mer wëssen. „Et geet hei net fir alles een, dee sech em een Thema këmmert. Doduerch ass d'Aarbecht vill méi ofwiesselungsräich, och well mer méi eng kleng Equipe sinn." Wann der also an Zukunft en neit Gesiicht an de Faarwe vun eiser Geméng gesitt, da wësst der, mat wiem der et ze dinn hutt.

De Buergermeeschter an den 2. Schäffen hunn hie moies op sengem 1. Schaffdag am Atelier wëllkomm geheescht an hunn him alles Guddes op senger neier Schaff gewënscht.

*Frank WEYRICH*



| Aktivitéite ronderëm d'Gemeng |

# 2020: 20 Jahre Club Uelzechtdall, aber auch ein ungewöhnliches Jahr in allen Hinsichten

**Der Club Uelzechtdall feiert dieses Jahr sein zwanzigjähriges Bestehen. Zwanzig Jahre in denen viele Aktivitäten stattgefunden haben, und der Club immer grösser wurde.**

Die Planung der Feierlichkeiten wurde schon Ende 2019 begonnen. Jedes Trimester sollte eine bestimmte Aktivität zum Jubiläum haben. Konzerte, Theater, ein Festessen waren unter Anderem vorgesehen.

Aber das Jahr 2020 hat schon speziell angefangen! Unser Neujahrsempfang sollte dieses Jahr in Mersch stattfinden. Aber am Vorabend kam es wetterbedingt zu einer Überschwemmung in der Halle Irbicht in Beringen. Die einzige Halle in Mersch die groß genug war um den Empfang zu gestalten. Eine Lösung musste her.

Und hier hat sich zum ersten Mal für dieses Jahr gezeigt, wie flexibel, spontan und vor allem hilfsbereit unsere Gemeinden sind. Denn die Gemeinde Fischbach hat, ohne lange zu überlegen, angeboten den Empfang nach Schoos zu verlegen. Und so kam es dazu dass der Bürgermeister von Mersch unsere Kunden in den Vereinssaal nach Schoos eingeladen hat. Der Club Uelzechtdall möchte hiermit beiden Gemeinden seinen Dank aussprechen für die unkomplizierte Handhabung dieser Situation. So sieht echte Zusammenarbeit aus!

Einen Monat später war es dann soweit und wir mussten alle unsere Aktivitäten auf Eis legen. Anfangs bis zum 5. April, und dann bis auf Weiteres. Alle unsere Kurse und Aktivitäten wurden abgesagt. Und wir wissen noch nicht ab wann wir wieder richtig durchstarten können. Somit ist es auch schwierig Ihnen hier unser Jubiläumsprogramm vorzustellen. Unser Theater wurde schon abgesagt und wir wissen auch noch nicht ob wir im Oktober die Jubiläumsmesse singen können!

Aber momentan ist das Wichtigste, dass wir alle gesund bleiben. Der Club hat sich auch dazu verpflichtet, während dieser schwierigen und ungewöhnlichen Zeit, für Sie alle da zu sein. Wir gehen für Sie einkaufen oder in die Apotheke. Oder Sie rufen uns an wenn Sie das Bedürfnis haben zu reden. Unsere Telefonnummer ist weiterhin von montags bis freitags zu den üblichen Öffnungszeiten besetzt.

Wann und wie es wieder losgeht, und wie wir dann unser Jubiläumsjahr gestalten, werden Sie von uns erfahren sobald wir es selbst wissen.

Und bis dahin gilt: Bleiben Sie zu Hause, halten Sie sich gesund und wenn Sie etwas brauchen, rufen Sie uns unter 263364-1 an.

*Das ganze Team des Club Uelzechtdall*











GEMENG

# 98 Uebstbeem zu Eieren vum Grand-Duc Jean

*Text & Fotoen: Olivier MOLITOR*

**Zu Fëschbech vis à vis vum Schlass hu mer dëst Joer e grousse Bongert ugeluecht zu Eiere vum Grand-Duc Jean. D'Bëschaarbechter hunn am Virfeld nees mat décken Eechepéil an Drot Kadere gebaut fir datt d'Ranner an d'Wëld d'Beem net futti maache kënnen.**

D'Kanner mat hirem Léierpersonal aus der Angsber Schoul wollten eis dobaï wéi all Joer äifreg mat Spuet an Heel hëllefe fir déi Uebstbeem ze planzen. Iwwer 100 Kanner woren ugemellt fir sech där Saach unzehuelen an bannent zwee Deeg di sëllechen Uebstbeem ze planzen. Ma leider koum et net dozou! Nodeems vun der Regirung décidéiert gouf, datt d'Schoulen emol an enger éischter Phase fir zwou Wochen zou wire wéngst der Pandemi, an dunn an enger zweeter Phase di Period emol bis d'Ouschtervakanz verlängert gouf, hu mir schwéieren Häerzens di Aktioun ouni d'Kanner missen de 17. an 18. Mäerz duerchzéien, well d'Beem an de Buedem hu misse kommen éier se Blieder kruten. Dës Aarbechte goufen och conforme zum groussherzogleche Règlement vum 18. März 2020 am Kader vum Kampf géingt de Covid 19 duerchgefouert, wat eis nach erlaabt huet esou Arbechten duerchzeféieren.

Och sollten eis nei Mattbewunner vum Schlass, de Prënz Guillaume an d' Prinzessin Stephanie bis laanscht kommen an Hand mat upaken. Ma an irgendwéi enger Form wäert a Kooperatioun mat der Gemeng Fëschbech eng Aweiung vun dësem neie Bongert nogeholl ginn!

Wärend den Arbechten wore mir och beméit tëschent deene jeeweilegen Equipen an den Aarbechter ënnert sech e Mindestofstand vun 2 Meeter anzehalen, a jeeweils Equipe vun net méi wi 2 Leit beienee schaffen ze loossen. Och fir d'Gruppefoto woren di jeeweileg Equipe getrennt.

E grousse Merci geet och un eis Gemeng fir di finanziell Participatioun, a speziell un déi 3 Gemengenaarbechter, déi kuerzfristeg konnte mat agespaant ginn, fir di eng oder aner Stonn mat ze hëllefen d'Beem an de Buedem ze kréien!





















# Aktivitéiten an der Schoul

## ÄISPIST

Och dëst Joer war d'Angsber Schoul rëm mat all de Kanner vum Cycle 2 bis Cycle 4 op d'Äispist an huet do ee flotte Moie verbruecht.




















## KLENG BOTZ

E puer Kanner hu vum gudde Wieder profitéiert, an eng kleng Botz gemaach! Mir soen hinne Merci fir hiren Asaz!











| Angsber Schoul |

# Schoul doheem

**Lee** Cycle 4.2

Le Coronavirus de Lee

Voilà ce que je fais ces jours-ci à la maison parce que tous les élèves doivent rester à la maison à cause du coronavirus:

Tous les matins Finn, Sam et moi, nous faisons les devoirs que nous avons reçus.
Les après-midis, après le manger et les devoirs, je fais beaucoup de choses différentes: par exemple, je vais dehors avec mes frères pour jouer. Nous sautons sur le trampoline, nous jouons avec notre chien, nous bâtissons un château en lego.
Je roule aussi avec mon vélo dans la rue, après je joue avec mes frères au basketball devant la maison. Mes parents ont acheté un nouveau panier de basket-ball juste avant que tous les magasins aient fermé.
Je vais avec Finn dans la forêt où nous faisons des photos des troncs.
Maintenant, je sais aussi résoudre un Rubik's Cube dans une minute.
Le soir, nous regardons un film et nous mangeons des spaghettis.
Le weekend, Finn dort chez moi dans ma chambre. Nous jouons un jeu NBA sur ma ps4.

J'espère qu'après les vacances de Pâques, les écoles seront de nouveau ouvertes parce que je veux jouer avec mes copains au lieu de jouer avec mes frères.



**Leni** Cycle 4.1

*Am Anfang fand ich es toll, aber jetzt vermisse ich die Schule ein bisschen. Ich finde es aber gut, dass wir uns übers Internet sehen und hören können. Ich freue mich wieder in die Schule zu gehen.*


**James** Cycle 4.1

Ich will wieder in die Schule gehen, weil ich mich zuhause nicht so konzentrieren kann. In der Schule ist es besser, weil die Lehrer und Freunde da sind. Zuhause ist es aber auch toll, weil wir weniger Hausaufgaben haben.

**Maxime** Cycle 4.1

Ich finde es besser in der Schule zu arbeiten, weil da kann man in Ruhe im Klassensaal sitzen. Es ist aber toll, dass wir ein bisschen weniger arbeiten müssen. Ich finde es auch gut, dass wir so einen Wochenplan bekommen haben und dann wissen was wir pro Tag machen müssen.





Schule zu hause

Ich finde es cool die Aufgaben zu hause zu machen.
Man ist allein und es ist ruhig.
Ich kann meine Aufgaben jetzt auch in meinem Zimmer machen.
Trotzdem vermisse ich die Schule und meine Freunde.



**Mateo** Cycle 4.1

**Wéi fënns du et Doheem ze sinn?**
Ech spille mat menger Schwëster, ech vermëssen d'Schoul, meng Kolleegen, meng Fréndinnen.



**Manou** Cycle 4.2

Ech schaffen doheem ganz gutt, mee net sou gutt wéi an der Schoul. Mat Home-Schooling ass et zimlech langweileg an ech ka mech net sou gutt konzentréiere wéi an der Schoul. Ech schaffe ganz gäre mat mengem Kolleeg un den Hausaufgaben. Dat ass dat Eenzegt, wat mir um Home-Schooling gefält.

**Lena** Cycle 4.2

Ech fannen et langweileg doheem, well et kann een net vill maachen, ausser Doheemsinn. D'Léieren doheem ass net sou schlëmm, awer ech léiere léiwer an der Schoul.
D'Vakanz ass och langweileg, well ech kann net mat de Fréndinne spillen.

**Rayan** Cycle 1



**Catherine** Cycle 3.2

**Wéi fënns du et doheem ze sinn?**
*Ech fannen et blöd et geet en sech nämlech géigesäiteg op d'Schlappen. An wann een an der Schoul ass, dann ass dat eben net esou.*

**Wat feelt dir?**
*Mir feelt d'Schoul, meng Frënn a meng Fréndinnen, meng Bomaen an meng Bopaen.*

**Wat mëchs du den ganzen Dag doheem?**
*Moies maachen ech Aufgaben a mëttes ginn ech dann oft spadséieren.*

**Wie vermëss du?**
*Ech vermësse meng Jofferen, meng Kolleegen a meng ganz Famill.*

**Sam** Cycle 4.1

*Ich mag Schule Zuhause, weil ich dann länger schlafen kann. Das Essen von meiner Mutter finde ich auch besser als das in der Maison Relais. Und ich finde es schön immer bei meiner Familie zu sein. Was ich an Schule Zuhause nicht mag ist, dass ich meine Freunde nicht sehen kann. Ich kann sie nur am Computer sehen, aber nicht mit ihnen spielen. Ich kann nicht mit der Klasse turnen und schwimmen gehen, was ich sehr gerne mache. Und die Pausen im Schulhof vermisse ich auch.*



ENSEIGNEMENT & ERZIÉUNG



**Mathis** Cycle 4.1

Ich finde zuhause arbeiten ist schwieriger als in der Schule. Ich kann mich nicht so gut konzentrieren, denn zuhause ist viel Lärm. Es ist aber toll, dass wir einen Wochenplan kriegen, weil man dann aber arbeiten kann.

**Jonatan** Cycle 1

***Wéi fënns du et doheem ze sinn?***
*Gutt*

**Wëlls de nach eppes dozou soen?**
*Nee! Nëmme gutt.*

**Nee mëchs du de ganzen Dag doheem?**
*Ech kucke Fernseh, gi spadséieren, maache Sport a ginn heiansdo mam Papa an de Bësch. Méi well ech net soen.*

**Wat feelt dir?**
*Näischt feelt mer an der Klass!*

**Wie vermëss du?**
*Keen. Ech gesinn de Wilhelm vu Wäitem. Hien ass mäin Noper.*

**Wie vermëss du am meeschten?**
*Keen!*



**Mylène** Cycle 1

**Wéi fënns du et doheem ze sinn?**
Et ass flott doheem ze sinn well ech spille kann wéini ech wëll.

**Wat mëchs du de ganzen Dag doheem?**
Ech maachen Experimenter, ech spillen dobaussen op menger Spillplaz am Gaart, ech spillen mat mengem klenge Brudder, ech bake mat menger Mamma, an ech lauschtere Geschichten.

**Wat feelt dir?**
Mir feelen Aktivitéite mat der Klass ze man wéi zesummen an de Bësch ze goen, an de Museksunterrecht feelt mer och. Ech vermëssen och mäi Ballet a Schwammcoursen.

**Wie vermëss du?**
Ech vermëssen d' Muppe vu menge Bomien, meng Bomien an meng Bopien, meng Tattaen a Monnien, méi Cousin a meng Cousine, Joffer Anne, Joffer Fabienne, Joffer Sabine an all Kanner awer speziell d'Elena an d'Lou.

**Wie vermëss du am meeschten?**
Mäi Cousin de Mattia.



**Henrik** Cycle 1

**Wéi fënns du et doheem ze sinn?**
*Ech fannen et cool mam Velo ze fueren a Lego ze bauen a mat menge Spillsaachen ze spillen. Ech fannen et langweileg ze waarden.*

**Wat mëchs du de ganzen Dag doheem?**
*Mat mengem Auto spillen, eng Velostour maachen, iessen an nach mat menger Famill schwätzen a spillen an dat war et.*

**Wat feelt dir?**
*D'Kanner feele mir.*

**Wie vermëss du?**
*Ech vermessen de Rayan an déi anner Kanner.*

**Wie vermëss du am meeschten?**
*De Rayan.*



**Nellie** Cycle 1

**Nellie wéi fënns du et doheem ze sinn?**
*Bëssche langweileg mee trotzdeem schéin.*

**Wat mëchs du dann esou de ganzen Dag?**
*Mir fuere Vëlo, mir molen, mir maachen Aufgaben.*

**A wien oder wat vermëss du?**
*Meng Kosengen, mäi Bopa, meng Boma, a meng Frënn an d'Joffer.*



**Lilly** Cycle 4.2

Et ass anescht doheem ze léiere wéi an der Schoul. Et ass net sou flott, well d'Kolleegen an d'Kolleeginnen net do sinn. Et ass een net an der Schoul. Mir maachen eis Aufgaben doheem. Et ass gutt, dass ee selwer wiele ka wéini ee wéi eng Aufgaben mécht. Mir hunn och schon eng Videokonferenz gemaach. Dat war fir eis all nei.

**Nolan** Cycle 3.1



Etwas ist cool wenn wir von Zuhause aus lernen. Ich habe TEAMS auf meinem PC und kann so meine Freunde und meine guten Lehrerinnen jeden Tag erreichen. Ich habe zum Beispiel mit Xavier und meiner Lehrerin schon Französisch gesprochen.

Ich vermisse die Schule aber und hoffe, dass die bald wieder geöffnet wird.



Um meine Zeit auch nach dem Lernen (viel) zu überbrücken, habe ich ein Bild für meine Lehrerinnen gemalt.

Bis bald eurer Nolan

**Lana** Cycle 3.2

**Wéi fënns du et doheem ze sinn?**
*Ech fannen doheem ze sinn gutt, well et roueg ass a well ech méi oft op de Computer kann. Ech fannen et net gutt, datt een d'Frënn net gesäit a keng Zesummenaarbecht maache kann.*

**Wat mëchs du de ganzen Dag doheem?**
*Ech maachen Hausaufgaben an ech spillen.*

**Wat feelt dir?**
*Mir feelt d'Schoul, well d'Joffer d'Saache besser erkläre kann.*

**Wie vermëss du?**
*Ech vermësse meng Bomaen, meng Bopaen a meng Frënn.*



**Noah** Cycle 1

De Noah ass nach ganz zefridden doheem, hie fillt sech wuel well hien all Dag spille kann awer hie vermëësst seng Joffere Julie, Carmen a Fabienne ewéi och all seng Frënn, mat denen hien net méi spillen dierf.

Dës Woch beschäftege mir eis vill mat Lego raumen/zortéieren an nees opbauen.

ENSEIGNEMENT & ERZÉIUNG

29

# Den Alldag besteet jo schliisslech net nëmmen aus dem schoulesche Léieren !

Déi aktuell Situatioun ass fir eis all net einfach an et ass wichteg, datt mer och Momenter fannen, wou mer zesummen op aner Gedanke kommen.






































| Wat war lass? |

WAT WAR LASS ?




















| Wat war lass? |

# Wenn die Orgel mit dem Jagdhorn ...

**Kultur- a Veräinskommissioun** 15.12.2019 **FËSCHBECH**



**Am Sonntag, dem 15. Dezember 2019, hatte die Kulturkommission der Gemeinde Fischbach/ Mersch um 17 Uhr zu einem Konzert „Parforce an Uergel“ in die prächtige, großräumige „Dorfkirche“ geladen.**

Da war dann auf der einen Seite die Orgel, welche je nach Größe und Aufbau als eines der schon allein von der Bauweise her kompliziertesten und anspruchsvollsten Instrumente überhaupt gelten kann.

Auf der andern Seite das Parforcehorn mit seiner an sich schlichten und einfachen Konzeption, ein Schalltrichter, dessen Durchmesser von circa 30 cm sich anfangs rapide dann auf einer Länge von bis zu 4,50 Meter in symmetrischen Windungen bis hin zum Mundstück kontinuierlich verjüngt, das Ganze ohne jegliche technische Beihilfen wie z. B. Ventile.

Eines gemeinsam haben die beiden so unterschiedlichen Instrumente dennoch: Sowohl die Orgelpfeifen als auch die Parforcehörner brauchen Luft, um ihre Töne produzieren zu können. Während bei der Orgel diese Luft auf mechanischem Wege produziert wird, ist beim Parforcehorn die Atemluft des Bläsers ausschlaggebend.

Es kann demnach durchaus sein, dass das gemeinsame Bedürfnis nach Luft der Grund dafür ist, dass diese beiden Instrumente durchaus harmonieren können. Dies haben der Organist Claude Windeshausen und die „Réidener Juegdbléiser“ an jenem Sonntag kurz vor Weihnachten eindrucksvoll bewiesen. Auf dem abwechslungsreichen, dem Ort und der Zeit angepassten Programm standen sowohl reine Jagdhornstücke als auch Orgelsolos. Der Hauptakzent aber lag auf Kompositionen für Orgel und Parforce zusammen. Eine davon „Ardenne Parforce“ wurde vom Organisten Claude Windeshausen eigens für solche Auftritte komponiert und am 30. Oktober 2011 in Wiltz uraufgeführt.

Eines darf behauptet werden, das Zusammenspiel von Orgel und Parforce verfehlte auch diesmal seine Wirkung auf das zahlreich erschienene Publikum nicht.

Nachdem zum Schluss kurz vor Beginn des Beethovenjahres die inzwischen zur Europahymne auserkorene „Ode an die Freude“ oder „Freude schöner Götterfunken“ erklungen war, gingen wohl die meisten Zuhörer zufrieden nach Hause, auch wenn sie vielleicht zum ersten Mal Jagdhörner im Konzert erlebt hatten.

Beim von der Gemeindeverwaltung kredenzten „Ehrenwein“ konnten anschließend Musikanten, Zuhörer und Organisatoren das Erlebte und Gehörte in geselliger Runde Revue passieren lassen.

Ein gelungener Nachmittag, bei dem offensichtlich auch die Jagdmusik neue Freunde gewonnen hat. Bleibt die Hoffnung, dass dieser Funke der Akzeptanz auch auf die Jagd an sich überspringen möge.

*Guy SCHANK*





WAT WAR LASS ?

# Concert an der Angsber Kierch

**21.12.2019 ANGELSBIERG**

**Um Weekend vum 4. Advent hunn den Ensembel Feierowendsänger Colmar-Bierg, d'Chorale Ste-Cécile vu Colmar-Bierg mat hire Sängerfrënn vu Viichten ënnert der Leedung vum Ronny Mergen eis e flotte Chrëschtconcert an der Angsber Kierch gebueden.**

D'Sängerinnen a Sänger goufen op der Uergel vum jonken talentéierten Organist Daniel Mujzer begleet. Um Programm stoungen Lidder fir op Chrëschtdaag anzestëmmen, dorënner Gaudete Christus est natus, ma och ganz bekannt a méi rezent Wierker, déi ënnert dem Thema: Joy to the Word richteg flott an zwee Deeler zesummegestallt woren.

D'Angsber Kierch mat der schéiner a mat vill Léift zum Détail opgeriichter Kréppchen (Merci dem Jean Bück) hunn e flotte Kader fir dëse besonneschen Owend gebueden an de Concert huet den Nolauschterer e puer roueg Amenter viru Chrëschtdag geschenkt.

Merci fir déi flott Initiative an déi wierklech gelongen Interpretatiounen.

*Chantal CONRAD*







# D'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous feiert den Dirigent John Daems fir seng 40 Joer um Dirigentepult.

**02.02.2020 FËSCHBECH**

**Op Liichtmëssdag huet d'Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous am Kader vun der Sonndesmass hiren Dirigent, de John Daems gefeiert, dee viru 40 Joer vum Gast Kemp déi musikalesch Direktioun vum deemolege Chouer Bergesschall iwwerholl huet.**

Um Enn vun der feierlecher Mass huet de President vun der Chorale Hubert Lanckohr, dem John Daems säin exemplarescht Engagement fir d'Chorale grad wéi fir déi ganz Pargemeinschaft gelueft. Als Merci fir seng trei Dingschter gouf dem Dirigent eng Skulptur mam Numm Erfolgsspirale vum Kënschtler Gerard iwwerreecht, mam Message, datt de John mat Recht houffreg op seng Zäit um Dirigentepult zréckkucke kéint. Nieft dem John huet d'Chorale awer och dem Chef seng Madame, d'Andrée Daems geéiert, well si d'Chorale an de Prouwen op der Uergel begleet an hire Mann déi ganz Zäit iwwer a sengem Benevolat ënnerstëtzt huet. Als Unerkennung fir hir vill Méi kruten déi zwee e Bong iwwerreecht, fir sech e puer Deeg am Elsass verwinnen ze loossen.

Den Dirigent John Daems huet a senger Usprooch e kuerze Réckbléck op déi 40 Joer um Dirigentepult gemat. An deene véier Jorzingten huet hien 9 Paschtéier gedingt a mat 5 Organisten/Organistinnen zesummegeschafft, ouni all déi Persounen ze vergiessen, déi an der Par ausgehollef hunn oder agesponge sinn wa Nout um Mann oder un der Fra wor. Wier d'Fusioun vun den zwou Chorallen an der Fëschbecher Gemeng am Joer 2015 och éischter eng „Vernunftshochzäit" gewierscht, sou géing haut kee méi déi Décisioun vun deemols a Fro stellen an déi nei Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous kéint schon op vill flott gemeinsam Amenter zréckkucken.

De Kaploun Tristan Häcker huet dem Dirigent fir seng vill Mériter félicitéiert an huet de Wonsch ausgedréckt, no 40 Joer am Beruff mat grad sou enger Leidenschaft a Begeeschterung dobai ze sinn a matrappen ze kënnen ewéi de John dat fäerdeg bréngt.

No der Mass huet d'Chorale nach op e Festiessen zu Éire vum Dirigent invitéiert op deem den Dechen Félix Steichen zu Wuert koum an dem John Daems vu Säiten vun der Kierchefabrik e Cadeau iwwerreecht huet.

*Chantal CONRAD*



# 21 kleng Botschafter vum Fridden an der Gemeng Fëschbech ënnerwee

## Kathoulesch Kierch

**05.01.2020**

**Mat Krounen, Kinniksgewänder, Engelstuniquen a vill Freed hunn 21 Kanner aus eiser Gemeng Fëschbech sech de 5. Januar als Stäresänger op de Wee gemat. Se hunn den Awunner, déi sech fir d'Aktioun ugemellt haten, fir d'Neit Joer gewénscht an hinnen op Wonsch hir Haiser mam Seegenssproch 20* C+M+B+ 20 geseent.**

Nom Kenia (Projet Waasser), dem Bénin (Projet Opbau vun enger Bibliothéik) an dem Peru (Projet: Emgang mat besonnesche Mënschen, déi eng Behënnerung hunn) wor et dëst Joer de Fridden am Libanon an op der ganzer Welt, deen am Mëttelpunkt vun der Aktioun stoung.

Wat Fridden heescht, wou de Libanon läit a firwat grad de Libanon erausgesicht gouf, daat kruten d'Kanner an der Préparatiounsversammlung am Dezember erklärt. D'Kanner konnten e Film iwwert d'Liewenssituatioun dohanne kucken a si gewuer ginn, datt d'Land am Noen Osten vill syresch Flüchtlingsfamillen a Réfugiéscampen logéiert, well am Nopeschland Syrien Krich ass.

Ma wéi entsteet Krich, wéi ass et wa Leit wéint engem Krich aus hirem Land musse fortlaafen, a wat kann ee selwer fir de Fridde maachen, daat woren nëmmen e puer aner Froen mat deenen d'Kanner sech am Virfeld vun der Aktioun beschäftegt hunn.

Den Dag vun der Aktioun selwer hunn d'Kanner sech am Veräinsbau zu Schous fir eng kuerz Cérémonie d'envoi getraff. Eise Kaploun Tristan Häcker huet d'Kanner offiziel op de Wee geschéckt an huet si an d'Material, dat bei der Aktioun an den Asaatz koum, geseent.

Bei hirem Tour duerch d'Gemeng konnten d'Stäresänger villen Awunner eng kleng Freed maachen an hunn 1.331,6 € fir de Projet am Libanon gesammelt. Missio, dat ass d'Organisatioun déi d'Stäresangen koordinéiert, betreit dohannen an Zesummenaarbecht mat aaneren caritativen Organisatiounen eng Rei Projeten an deenen d'Kanner egal vu wéi enger Natioun a Relioun oder Kultur materiell ënnerstëtzt ginn. Donieft organiséiren dës Partner Ateliers an deenen dat friddlecht Zesummeschaffen an Zesummeliewen geübt gëtt.

Um Enn vun deem laangen Dag hunn d'Kanner sech et net entgoen gelooss, fir bei eisem Senioreveräin an hire Gäscht ze passéieren. Et wor eng grouss Freed, wéi d'Stäresänger hinnen e klenge Stännchen gesongen hunn. Géint der Owend hunn d'Kanner sech bei Schocki a Kuch gestärkt an hunn hir Séissegkeeten gedeelt.

*d'Organisatiounséquipe*

***Mir soen all de Kanner an hiren Elteren, déi si bei dëser Aktioun ënnerstëtzt hunn Merci fir hiren Asaz. Mir wëllen awer och alleguerten deenen, déi eis Stäresänger sou léif empfaang a mat Donen a Séissegkeeten belount hunn, fir hiren haërzlechen Accueil Merci soen.***





# Generalversammlung

## Pompjeeën

**11.01.2020 SCHOUS**

**D'Amicale vun de Pompjeeën Gemeng Fëschbech hat den 11 Januar op hir ordinär Generalversammlung invitéiert.**





De Präsident Luss Brosius konnt zesumme mam Chef CIS Fëschbech Lucien Karier vill Memberen an Éieregäscht begréissen. E Réckbléck iwwert dat vergaangent Joer an déi sellechen Asätz ass gemaach ginn an déi gutt Jugendaarbecht vum Lis Karier ass ervirgehuewe ginn. Och 2 Memberen, de John an de Mike Daems hu mer mat engem Cadeau an d'Pensioun geschéckt. Si hu laang Joren dem CIS Fëschbech am aktiven Déngscht ëmmer zur Säit gestanen. Merci hinnen 2, an dass si der Amicale nach vill Joren erhale bleiwe fir op de Fester eng Hand mat unzepaken.

No de Riede vum Regionalpresident Const Schwartz an dem Buergermeeschter Fränk Daems huet d'Amicale op e gudde Maufel an d'Veräinshaus invitéiert.

*Luss BROSIUS*







# Theaterowender

## Theaterveräin

**JANUAR SCHOUS**












# Mir gi liichten

**Schoulkanner**

02.02.2020



SCHOUS



| Wat war lass? |



FËSCHBECH









ANGELSBIERG

WAT WAR LASS ?

# Kannerfuesbal

**Pompjeeën** **16.02.2020 SCHOUS**















# Mir ginn heeschen

**Schoulkanner** **20.02.2020 SCHOUS**



ANGELSBIERG



FËSCHBECH

# Hexebal

**Club des Jeunes** 21.02.2020 SCHOUS


































# Buergbrennen



ANGELSBIERG
01.03.2020

FËSCHBECH
29.02.2020





SCHOUS
01.03.2020





FËSCHBECH
27.02.2020

D'Fëschber Maarkollefen gi fir Buergsamschdeg op d'Schlass ophiewen.



*Foto: Cour Grand-Ducale*

# Liesmoien

## Elterenvereenegung Fëschbech

**08.03.2020 ANGELSBIERG**

**Den 8. Mäerz hat d'Elterevereenegung Fëschbech d'Schoulkanner an hir Elteren nees op e Liesmoien an der Maison Relais invitéiert.**

De Kanner vun 3-6 Joer huet d'Sarah Bamberg flott a spannend Déieregeschichten virgelies. Déi méi grouss Kanner hunn un enger interaktiver Liesung vun der Geschicht „de Wëlle leeft am Bësch" vun den Autoren Myriam Karels an Diane Orban deelgeholl. Donieft kruten si och d'Entsteeung vun der Geschicht, vun der Iddi bis zum fäerdege Buch, erkläert. An der Paus konnten Grouss a Kleng sech mat engem Gedrénks a Muffins stäerken.

D'Elterevereenegung huet sech iwwert déi héich Participatioun gefreet a seet jidderengem Merci dee gehollef huet.

*Pascale ELSEN*






























# Klibberen ... eemol aanescht

## Schoulkanner

ABRËLL 2020

**D'Kanner aus eiser Gemeng hu vum Gréngendonneschdegowend bis d'Ouschternuecht mat hiren Klibberen d'Kiercheklacken ersat.**

Well se wéint de Regelen vum Confinement net wéi gewinnt a klenge Gruppen duerch d'Stroossen konnte goen, hu se sech eenzel virun hirer Hausdier, op hirer Terrasse oder op hirem Balcon opgestallt an hunn zu festgeluechten Zäiten d'Moies-, d'Mëttes- an d'Owesklack ausgeruff.

D'Kanner hunn dat mat vill Begeeschterung Gemat. Wa grad keng Klibber bei Hand wor, gouf mat aneren „Instrumenter" improviséiert.

Mir hoffen d'Kanner woren iwwerall an der Gemeng ze héiren. Fir d'Awunner, déi d'Kanner héire konnten wor et op jidde Fall e Stéck „Normalitéit" an enger Zäit wou dach sou Villes huet missen der aktueller Situatioun ugepasst ginn.

All de Kanner e grousse Merci fir hir Freed an hiren Asaz.... an den „Ouschterhues" huet si bestëmmt net vergiess...

*Chantal CONRAD*






















# „Bim bam Bieren, d’Klacke lauden zu…”



**Fir moies waakreg ze ginn, stelle mir de Wecker. Dreet eng Gefor, dann héiere mir en Alarm. Wëllt den Arbitter, datt him nogelauschtert gëtt, päift hien… An eisem Alldag ginn et zëch Beispiller dofir, bei deene mir duerch een akustescht Signal op eppes opmierksam gemaach ginn.**

D’Klacke vun de Kierchen hunn och esou eng Funktioun an et ass genee gereegelt, wéini d’Klacke lauden dierfen. Am Allgemenge mécht een en den Ënnerscheed, tëscht dem Laude fir de kierchlechen an dem Laude fir den zivilen, also dem weltleche Gebrauch

**D’Laude fir de Kierchegebrauch**
D’Klacke lauden zu festgeluechten Zäiten a strukturéiere souzesoen eisen Alldag. Se laude moies fréi, an der Mëttesstonn an da nach eemol owes. Dës Traditioun kënnt vun de Kléischter an deenen d’Pateren an d’Nonnen zu festgesaten Zäiten hir Aktivitéite fir d’Stonnegebiet ënnerbriechen. D’Kierch huet d’Lauden iwwerholl fir déi Gleeweg un hiirt „spirituellt Liewen“ z’erënneren.

Donieft lauden d’Klacken natierlech och fir déi verschidde Gottesdéngschter (d’Mass, e Begriefnis, eng Hochzäit, eng Daf….) unzekënnegen. D’Klacke lauden deen Ament fir d’Awunner un den Déngscht z’erënneren a fir se z’invitéieren un der Zélébratioun deel zu huelen.

Wa matten am Dag d’Klacken ze héiere sinn, da kann et sinn, datt déi sougenannte Péiss gelaut gëtt. Dat Wuert Péiss kënnt vum laténgesche PACE, dat Fridde bedeit. D’Péiss gëtt gelaut, wann e Member vun der Pargemeinschaft gestuerwen ass. Mat dësem Laude ginn d’Awunner gebieden sech een Ament Zäit ze huele fir un de Verstuerwenen aus hirer Mëtt ze denken a fir säi Fridden ze bieden.

Nieft dëse geleefegste Geleeënheeten, fir déi an der Kierch d’Klacke gelaut ginn, gëtt et och dat sougenannt zivilt oder weltlecht Lauden.

**D’Laude fir den zivile Gebrauch**
E Beispill fir dat zivilt Klackelauden ass d’Laude fir d’Auerzäit matzedeelen. Am Fall vun enger grousser Gefor (Krich, Iwwerschwemmung, Brand..) kann de Buergermeeschter decidéieren, datt d’Klacke gelaut solle ginn. Och d’Regierung huet Recht deen Uerder ze ginn z.B. fir engem speziellen Anniversaire ze gedenken oder fir freedeg Evenementer (Gebuert/Hochzäit vun engem Prënz/Prinzessin) bekannt ze man. Et gëtt och fir traureg Geleeënheeten (National Trauer/Solidaritéit mat Terroraffer) gelaut. All dës Situatiounen sinn iwwert e Règlement festgehaalen an d’Regierung décidéiert den Dag, d’Auerzäit an eng Zäit bannent där um lëtzebuerger Territoire d’Klacke gelaut solle ginn.

**Dik Dik Dak… muer ass Ouschterdag…**
Op dräi Deeg am Joer bleift et am Klackentuerm roueg, an zwar ass dat vu Gréngendonneschdeg owes bis bei de Gloria vun der Ouschternuecht. Gemengerhand gëtt gezielt, datt d’Klacke Gréngendonneschdeg op Roum fléie fir ze beichten a fir den Ouschterseege vum Poopst ze kréien… e schéint Bild, ma de reliéisen Hannergrond ass deen heiten: Déi dräi Deeg virun Ouschtere gedenken d’Chrëschten dem Leiden an dem Stierwe vu Jesus-Christus an d’Klacke ginn déi Deeg duerch d’Klibberen ersat. Dës Holzinstrumenter, déi dacks vu Generatioun zu Generatioun viruverieft ginn, hunn am Géigesaz zum festleche Klang vun enger Klack, een hëlzenen, traurege Klang, deen éischter bei de Karfreideg a Karsamschdeg passt. Soubal awer an der Ouschternuecht d’Operstéiung vu Jesus-Christus gefeiert gëtt, kommen d’Schellen an d’Klacken nees feierlech an hiren Asaz.

Op den dräi rouegen Deeg iwwerhuelen d’Klibberkanner den Déngscht vun de Klacken, wa si a klenge Gruppe mat hiren Holzinstrumenter duerch d’Duerf ginn. Scho moies fréi sinn se um Dill a suergen dofir, datt dës flott Traditioun erhale bleift. De Loun fir hiren Asaz gi si op Karsamschdeg asammelen. Si freeën sech ëmmer iwwert e léift Wuert, Ouschtereeër, Séissegkeeten an/oder e Su fir d’Spuerschwäin.



**Pourquoi les cloches des églises sonnent-elles?**
Les cloches de l’église rythment la vie du village. Elles ne donnent pas seulement l’heure, mais en sonnant matin-midi-soir, les cloches des églises marquent les moments de prière. La coutume de sonner les cloches trouve son origine dans la vie monastique où les religieux se réunissent au son des cloches pour prier plusieurs fois par jour. Généralement les cloches sonnent un quart d’heure avant un office, afin d’appeler les fidèles à la messe ou tout autre service religieux.

Le „glas“ annonce le décès d’un membre de la paroisse. La tradition de faire sonner le glas est une façon de demander aux paroissiens d’avoir une pensée affectueuse pour le défunt et de dire une prière pour ce membre de la paroisse qui vient de décéder.

Les cloches sonnent chaque jour de l’année à l’exception des 3 jours avant Pâques. Pendant ces jours l’Eglise célèbre la Passion, la Mort et la Résurrection de Jésus qui s’étend de la messe du Jeudi saint à la messe de résurrection. Les cloches se taisent et ce sont les enfants du village qui font le tour avec leurs crécelles (un instrument en bois) pour remplacer les cloches „envolées pour Rome“. La veille de Pâques les enfants décorent leur chariot et ils vont de maison en maison pour souhaiter de Joyeuses Pâques et pour récolter des œufs, des sucreries et quelques sous pour se faire remercier pour leur engagement.

En dehors de ces sonneries régulières à caractère religieux, les cloches sont également un moyen de communication du bourgmestre et/ou du gouvernement, il s’agit des sonneries civiles. Ainsi, les cloches peuvent alerter les habitants en cas de danger (catastrophe naturelle, incendie…). Pendant la guerre les cloches étaient sonnées lors de situation de bombardement imminent. Les cloches annoncent également certains grands moments – les occasions heureuses (naissance d’un prince/d’une princesse) ou les occasions malheureuses (le deuil/solidarité avec des victimes de terrorisme), ou encore pour certaines dates de commémoration.



# Mäin Numm ass Résilience

**Wéi? Dir kennt de Résilience net? Ma da stelle mer iech en haut vir. Dofir musse mer awer e bëssen aushuelen. Säit engem gudde Joer hu mer an eiser Geméng e Kënschtler, dee mat senger Fra an hiren zwee gemeinsame Kanner zu Angelsbierg wunnt. Et handelt sech dobäi em de Manolis Manarakis. Wéi ee sech et bei deem Numm scho bal kann denken, as de Manolis aus Griechenland. Zu senge Studienzäiten an England huet e séng Fra kenne geléiert, déi hei zu Lëtzebuerg gewunnt huet. A wéi dat dann esou geet, ass hien dunn och heihi geplënnert. An der Tëschenzäit hu se sech bestued an hunn dann och schon zwee kléng Meedercher zesumme kritt. Sou wäit, sou gutt.**

Op där aner Säit organiséiert d'Stad Déifferdéng all zwee Joer e sougenanntenen Skulptursymposium. 2019 ass et drëms gaang fir mat dem Material Holz ze schaffen an zwar sollt et em den Thema „Emotiounen" goen. De Manolis huet doropshinn eng Maquette aus Kartrong vu sengem Projet gemaach an se dem Jury virgestallt. Deen huet awer seng Idee net zréckbehalen. Am Hierscht koum awer dunn e ganz onerwaartenen Uruff vun der Kulturkommissioun, d'Stad hätt gären, datt de Manolis säi Projet géif realiséiren an zwar „ganz grouss". Hie war natierlech ganz paff wéi e selwer seet: „Nodeems se mäi Projet verworf haten, war deen Thema fir mech am Fong geholl ad acta geluecht. Dofir war ech total iwweraascht, wéi et no e puer Méint abeemol geheescht huet, ech soll meng Skulptur am Grousse maachen an déi géif dann op enger prominenter ëffentlecher Plaz opgestallt ginn."

Dunn ass et lass gaang mat der richteger Aarbecht. Déi éischt Fro war, wou kréien ech dat villt Holz hir? Et sollt Eechenholz si vu beschter Qualitéit, ouni Kniet an ouni aner Onregelméissegkeeten. Bei 13 Betriber huet en Offere gefrot, hei am Land an am Grenzgebitt. Eréischt am Lothrengeschen, net wäit vu Metz, war eng Seeërei bereet fir déi 300 virgeschniddenen Dunnen d'Holz ze liwweren. Duerno ass et drëms gaangen fir eng Plaz ze fannen, wou di 5 Meter héich Skulptur kënnt zesumme gebaut ginn. Eis Geméng huet do konnen hëllefen. Net wäit vum Manolis sengem Haus steet nämlech eng eidel Scheier, déi d'Geméng him fir seng Aarbecht zur Verfügung gestallt huet.

Mëtt September 2019 ass et lass gaang. Stéck fir Stéck ass d'Skulptur zesumme gebaut ginn. Wat stellt dat Konschtwierk dann iwwerhaapt duer? Wéi der op de Fotoe gesitt, ass et eng mënschlech Figur, mee do stécht awer méi derhannert. Loosse mer am Beschten de Manolis selwer schwätzen: „Dat Ganzt geet op en Erliefnes zréck, wat ech bei der Olymppiad 2004 zu Athen hat. Ech war als Zuschauer bei de paralympesche Spiller dobäi an ech erënnere mech ganz genee un eng Szen bei enger Medailleniwwereechung. D'Athlete koumen op de Podium mat hire Kretschen bis op een. Dee koum ganz eleng ouni Hëllef dohinn. Wat mech ni méi lass gelooss huet, deen hat op enger Säit weder Aarm nach Been! Wärend d'Nationalhymn gespillt gouf, stoung dee riicht ewéi eng Käerz do, wéi en Tuerm an der Brandung. Dat huet en onheemlecht Bild vu Stäerkt an Duerchhale bei mir hannerlooss."

Domat si mer dann och neess ganz am Ufank vun desem Text. „Resilienz" nennt een déi Charaktereegenschaft, wann een alle Widregkeeten zum Trotz duerchhält. An de Manolis fiert weider: „Déi vill Eenzeldeler, déi meng Skulptur ausmaachen, stinn dofir, datt de Mënsch vill méi ass, wéi dat, wat ee vu bausse gesäit a fir déi grouss Diversitéit vun de Mënschen."

Eng ganz speziell Erausfuerderung war zu gudder Lescht den Transport vun Angelsbierg op Déifferdéng. Wéinst den Ausmoossen an dem Gewiicht vun der Skulptur huet missen eng Kranfirma engagéiert ginn. Fir d'éischt huet d'Résilienz missen aus der Scheier erausgehuewe ginn, wat wéinst der knapper Plaz guer net esu einfach war. Duerno koum se op e Camion, deen se an d'Minett gefouert huet.

Elo steet di 5 Meter grouss Skulptur zu Déifferdéng um Parvis vum Shopping Center „Opkorn". Wéinst där exponéierter Plaz ass se vun iwwerall sichtbar wann een op Déifferdéng kënnt. Wann der also eng Kéier an der Géigend sidd, kuckt iech dat „Angsber Kand" roueg un. Mee fir all déi, déi elo net esu den Zoch hun fir an d'Minett ze goen, da kann de Manolis iech e kléngen Tipp ginn: „Ier ech di ganz grouss Skulptur gemaach hunn, hat ech op enger maansgrousser probéiert, wéi dat géif goen. Souzesoen e Prototipp. Ech hu wëlles der Geméng déi ze schenken fir Merci ze soen, datt se mech su gutt ënnerstëtzt huet."


*Frank WEYRICH*













# Kanoun aus dem 2. Weltkrich

**Wéi déi deitsch Zaldoten sech den 10. September 1944 an der Panik vu Lëntgen iwwer Fëschbech op Noumer zeréckgezunn hun, hu si missen de Kierchbierg erop laanscht d'Kierch fueren. Hannert dem leschten Haus, bei der décker Buch hunn d'Päerd d'Kanoun net méi gepackt. D'Zaldoten hun du d›Kanoun opginn a si op der Plaz gesprengt.**

Mäi Papp ( Edmond MINY ) huet duerno de Kanounerouer an d'Luchselach geschleeft (Päerd,Trakter?).

Warscheinlech hun d'Zaldote vun der Garde Militaire du Château de Fischbach (1945-1947) de Kanounerouer opgeriicht. Op der Photo probéiert den Zaldot Gusty Péporté eropzeklammen.

Well de Rouer op där Plaz net gär gesi war, huet de Gäertner Tony Bidinger mat dem Emile Heles de Kanounerouer wärend engem Auslandsopenthalt vun der Grande-Duchesse Charlotte, ëmgeluecht an op der Plaz begruewen.

Nodeems den Ierwgroussherzog Henri mat der Famill am Joer 1987 op Fëschbech komm ass huet hie mat de Kanner de Kanounerouer erëm ausgegruewen.

Em d'Joer 2013 huet dunn de Grand-Duc Jean de Kanounerouer am Luchselach opstelle gelooss.

*Roland MINY*








GESCHICHT

58

59

# 2020

**Schéckt eis är Manifestatioun op:**
**gemengeblat@acfischbach.lu**

***Opgepasst: All Manifestatiounen kënne kuerzfristeg wengst dem COVID-19 ofgesoot gin!***

## JUNI

**14** ~~HÄRLEICHEPROZESSIOUN~~ - **ANNULÉ**
*Meesebuerg* / Chorale an Kathoulesch Kierch

**20** ~~JOYEUSE ENTRÉE~~ - **REPORTÉ**
*Fëschbech* / Gemeng

**22** ~~VIROWEND NATIONALFEIERDAG~~ - **ANNULÉ**
*Schous* / Gemeng

## JULI

**10** ~~SCHOULFEST~~ - **ANNULÉ**
*Schous* / Elterevereenegung an d'Angsber Schoul

**19** ~~PARFEST~~ - **REPORTÉ (13/12)**
*Schous* / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

## AUGUST

**15** WËSCH AN DER KAPELL
*Schous* / A. C. F. L. - Kathoulesch Kierch

~~THE DANSANT~~ - **ANNULÉ**
*Schous* / SCCK

## SEPTEMBER

**13** FLOUMART
*Schous* / Senioreveräin

RANDONNÉE ROGER WIRTZ
*Fiels* / VC Filano

**19** KANNERFLOUMAART
*Schous* / Croix Rouge Fiels

## OKTOBER

**01** PAPPENDAGSFEIER
*Schous* / Senioreveräin

**02** SOIRÉE DES CITOYENS
*Schous* / Kultur- a Veräinskommissioun mat der Integratiounskommissioun

**04** FRANZISKUSFEST
Par Miersch

**04** ANGSBER KIERMES

**11** JOURNÉE DU GRAND AGE
*Schous* / Senioreveräin

**29** GENERALVERSAMMLUNG
*Schous* / Elterevereenegung

## NOVEMBER

**15** FËSCHBER KIERMES

KIERMESHAM MAT THÉ DANSANT
*Schous* / Pompjeeën

**22** FAIRETRADEKAFFI
*Schous* / Fairtradegrupp

**28** SCHLUECHTFEST
*Schous* / Senioreveräin

## DEZEMBER

**04** KLEESCHEN AN DER SCHOUL
Gemeng Fëschbech

**05** DE KLEESCHEN FIRT DUERCH D'GEMENG
Club des Jeunes

**13** PARFEST
*Schous* / Chorale Fëschbech-Angelsbierg-Schous

***Bis op Weideres ass de Bistro an der Keilchen zu Fëschbech zou!***




| Aktivitéitskalenner |



AGENDA

# Rezept vun der Bom



## Ananascreme

1 ltr. Milch, 200 gr. Zucker, eine Stange Vanille, bringt man zum kochen. Inzwischen verrührt man 4-6 Eigelb, 3-4 Eßlöffel Milch, 1 Eßlöffel Kartoffelmehl, schüttet die kochende Milch unter stetem Rühren auf die Eigelb. 4 Blatt Gelatine in kaltem Wasser eingeweicht gibt man hinzu, rührt das Ganze auf dem Feuer bis zum Kochen, ohne jedoch kochen zu lassen und stark ab, schüttet es in eine Porzellanschüssel und läßt erkalten.
Eine gute Tasse Rahm oder abgezogenes Eiweiß zu Schnee schlagen, hebt es unter die Crème, fügt einige Tropfen Kirsch oder Likör zum Fertigmachen hinzu, und füllt in beliebige Glas- oder Porzellanschalen.
Mit dieser Crème vermag man oft mehrere Sorten mit auf einfache anderem Geschmack herzustellen zum Bei[spiel] Erdbeer, Praline, Schokolade, Mocca, Ananas. u.s.w.

Praline: 10 Eßl. Zucker hellbraun brennen, 100 gr. Mandeln dazu geben, einige Sekunden mit dem Zucker rösten lassen, auf ein geöltes Blech stürzen u. erkalten lassen. Gibt dann fein gemahlen in eine Vanille-Crème.

Caramel Sauce: 2-3 Eßl. Zucker läßt man braun brennen, löscht mit einer halben Tasse Milch ab und löst den Zucker wieder auf. Gibt diesen aufgelösten Zucker in eine fertige Crème.









**ADMINISTRATION COMMUNALE DE FISCHBACH**
1, rue de l'église L-7430 Fischbach

**Heures d'ouverture**
**Du lundi au vendredi de 08h30 à 11h30**
**Jeudi de 14h00 à 18h00**
**Tél: 32 70 84-1 / Fax: 32 70 84-50**
**E-Mail: commune@acfischbach.lu**
**www.acfischbach.lu**

**COLLÈGE ÉCHEVINAL**

| | |
|---|---|
| Secrétariat | 32 70 84 - 42 |
| Bourgmestre: DAEMS Fränk | |
| frank.daems@acfischbach.lu | |
| 1. Échevin: GROTZ Patrick | |
| patrick.grotz@acfischbach.lu | |
| 2. Échevin: BROSIUS Lucien | |
| luss.brosius@acfischbach.lu | |

**SECRÉTARIAT COMMUNAL**

| | |
|---|---|
| secretariat@acfischbach.lu | |
| THILL Viviane | 32 70 84 - 42 |
| viviane.thill@acfischbach.lu | |
| HOTTUA Daniel | 32 70 84 - 20 |
| daniel.hottua@acfischbach.lu | |

**BUREAU DE LA POPULATION**

| | |
|---|---|
| population@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |
| HOFFMANN Serge | 32 70 84 - 21 |
| serge.hoffmann@acfischbach.lu | |

**RECETTE COMMUNALE**

| | |
|---|---|
| recette@acfischbach.lu | |
| SCHOLTES Michèle | 32 70 84 - 25 |
| michele.scholtes@acfischbach.lu | |

**SERVICE TECHNIQUE**

| | |
|---|---|
| technique@acfischbach.lu | |
| BECKERS Romain | 32 70 84 - 22 |
| romain.beckers@acfischbach.lu | |

**SERVICE FORESTIER**

| | |
|---|---|
| MOLITOR Olivier | 87 96 49 |
| olivier.molitor@anf.etat.lu | |


croix-rouge luxembourgeoise
*Mënschen hëllefen*



# Mir sichen Studenten fir eis Summeraktivitéiten!

**Wéini?**
Vum 20.07.2020 bis den 31.07.2020

**Wéivill Stonnen?**
40 Stonnen d'Woch

**Wat muss de hunn?**
Du muss volljähreg sinn (bis dohinner) an den Brevet d'Aide-Animateur hunn. Wanns de des Formatioun nach net hues, hues de d'Méiglechkeet se gratis bei der Croix-Rouge ze maachen. (Nodeems mir dech rausgesicht hunn). E genauen Datum fir déi Formatioun steet nach net fest.

**Wéi mellen ech mech un?**
Schéck eis eng Lettre de motivation mat dengem CV u folgend Adresse:

Maison Relais Bei de Kueben
18, rue de Schoos
L-7410 Angelsberg
oder per Mail

**Bis spéistens den 15. Mee 2020**

Fir weider Froen kanns du dech bei eis mellen um :
27 55 68 50
oder iwwer
relais.angelsberg@croix-rouge.lu

***Mir freen eis op dech,***
***D'Team bei de Kueben***

**COMMUNE DE FISCHBACH**
1, rue de l’église L-7430 Fischbach

www.acfischbach.lu